N°1937
Entrée le 13.02.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 13.02.2025
Chambre des Députés

adr

Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 13. Februar 2025

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ëmweltminister an un den Här Banneminister weiderzeleeden.

Fir eng Verbesserung vun de Gewässer erbäizeféieren, ass een Deel vun der Léisung de Bau vu Kläranlagen.

An dësem Kontext hätt ech follgend Froen un d'Häre Ministeren:

1. A wéi vill Gemengen am Land ass de Bau vu Kläranlage komplett ofgeschloss?
2. A wéi villen Dierfer, respektiv Gemenge bleift de Bau vu Kläranalgen nach ze realiséieren? Wou sinn d'Planungsaarbechten do - opgeschlësselt no deenen eenzele Gemengen - aktuell drun a wéi vill Awunner sinn insgesamt dovu betraff, datt si net un eng Kläranlag ugeschloss sinn?
3. Wéi ass aktuell de Stand am Hibléck op d'Realiséiere vun enger véierter Rengegungs-Stuf bei den existéierende Kläranlagen am Land?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°1937
Entrée le 17.03.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et de la Biodiversité

**Äntwert vum Här Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, Serge Wilmes op d'parlamentaresch Fro n°1937 vum 13. Februar 2025 vum éierewäerten Députéierten Här Jeff Engelen iwwert "Stations d'épuration"**

Vu datt Kläranlagen zu engem groussen Deel d'Ofwaasser vu méi Gemengen, bezéiungsweis Lokalitéiten aus méi Gemengen traitéieren, ass des Fro net esou opgeschlësselt - wéi vum honorabelen Deputéierten suggeréiert - ze beäntweren. Di meescht Gemenge sinn nämlech an engem Gemengesyndikat regroupéiert, wou d'Ofwaasser vun e puer Gemengen an enger Kläranlag traitéiert ginn. Duerch des Organisatiounsform ginn et Gemengen déi keng eege Kläranlagen hunn, mee deenen hiert Waasser awer an enger interkommunaler Kläranlag traitéiert gëtt. Ëmgedréit ginn et och Gemengen déi e puer Kläranlagen op hirem Territoire hunn, wéi zum Beispill d'Gemeng Wëntger mat 8 biologesche Kläranlagen.

**1. A wéivill Gemengen am Land ass de Bau vu Kläranlage komplett ofgeschloss?**

**2. A wéi villen Dierfer respektiv Gemenge bleift de Bau vu Kläranlagen nach ze realiséieren? Wou sinn d' Planungsaarbechten do – opgeschlësselt no den eenzelne Gemengen – aktuell drun a wéivill Awunner sinn insgesamt dovu betraff, dat si net un eng Kläranlag ugeschloss sinn?**

Zu Lëtzebuerg sinn iwwer 99 % vun de Leit un eng biologesch Kläranlag ugeschloss. Manner wéi 1 % sinn deemno net un eng Kläranlag ugeschloss, mee hunn awer aner Léisungen en place, wéi z.B. individuell *fosses septiques*.

De Moossname Programm vum 3. Waasser-Bewirtschaftungsplang gëtt Opschlëss doriwwer wéi eng Kläranlagen nach ze baue sinn, respektiv wéi eng nach mussen ausgebaut oder moderniséiert ginn.

Dëst kann een um Internetsite vun der Waasserverwaltung an der Annexe 22 vum Bewirtschaftungsplang ënnert https://eau.gouvernement.lu/fr/administration/directives/Directive-cadre-sur-leau/3e-cycle-(2021-2027)/elaboration-du-3e-plan-de-gestion-document-final.html noliesen. Een Deel vum Bewirtschaftungsplang geet och iwwert de Stand vun der Ëmsetzung vun de Moossnamen. Dëst Dokument zum Stand vun de Moossname vum drëtten Zyklus gëtt den Ament grad ausgeschafft.

Aktuell sinn 9 nei biologesch Kläranlage geplangt an d'Moderniséierung bezéiungsweis d'Vergréisserung vun 62 besteeënde Kläranlagen. Vun deenen 9 neie sinn der 2 am Bau, a vun deenen 62 besteeënde sinn der 8 am Ausbau.

Aktuell (Stand 2024), sinn 4.500 Awunner net un eng biologesch Kläranlag ugeschloss an hunn nach eng individuell Léisung (z.B. *fosses septiques*).

**3. Wéi ass aktuell de Stand am Hibléck op d' Realiséiere vun enger véierter Rengegungs-Stuf bei den existéierende Kläranlagen am Land?**

Mat der neier Ofwaasserdirektive 2024/3019 vum 1. Januar 2025 kommen och nei Erausfuerderunge fir d'Ëmsetze vun der véierter Rengegungs-Stuf. D'Direktive muss elo innerhalb vun 30 Méint an nationaalt Recht transposéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 14. Mäerz 2025
(s.) Serge Wilmes
Minister fir Ëmwelt, Klima an Biodiversitéit